N°2734
Entrée le 01.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°2734 vum 5. August 2025 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen betreffend Ausfäll an Accidenter um RGTR Reseau.**

*Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi dacks wärend de Joren 2023 an 2024 Linne ganz ausgefall sinn, souwéi ob déi entspriechend Ausfäll jeeweils ob en Accident, en technesche Mangel um Gefier oder aner Ursaachen zeréckzeféiere waren an dës gegeebenefalls preziséieren?*

Eng Buslinn besteet ëmmer aus méi oder manner vill Faarten. Eng Linn ass nach ni ganz ausgefall. Den Tableau weist d'Ausfäll vu Faarten am RGTR Reseau opgedeelt op déi verschidden Ursaachen:

| **Ursaach fir d'Ausfäll** | **2023 (Faarten)** | **2024 (Faarten)** |
|---|---|---|
| Stroosseverkéier (Stau, Deviatiounen) | 782 | 1.387 |
| Fuerpersonal | 722 | 665 |
| Gefier (Pannen, technesch Problemer) | 1.225 | 1.519 |
| Accidenter | 395 | 300 |
| Aner Ursaachen | 308 | 304 |
| **Total Ausfäll** | 3.432 | 4.175 |
| **Total Faarten am RGTR Reseau** | 2.749.894 | 2.807.868 |

2023 ass also ronn eng vun 800 Faarten ausgefall, 2024 war et eng vu 670. Bei genauer Betruechtung ass ersiichtlech dass dës Hausse virun allem op Problemer am Stroosseverkéier zeréckzeféieren ass.

Bei den Accidenter war 2023 eng vu ronn 6.900 Faarte betraff an 2024 eng vun 9.300 Faarten, wat eng Baisse vu 24% duerstellt.

Lëtzebuerg, den 1. September 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes